N°717
Entrée le 11.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 717 vum 10. Mee 2024 vun den honorablen Här Deputéierten Marc Goergen a Ben Polidori betreffend d'Gefierer vum Service Adapto**

*Plangt de Ministère, dass an Zukunft all d'Gefierer, déi am Service vum Adapto dierfe genotzt ginn, mussen nom Prinzip vum Design for all genormt ginn, fir dass se fir all betraffe Persoun an all Typ vu Rollstull notzbar sinn?*

Den Adapto ass als Mobilitéitsoffer geschafe gi fir Leit, déi opgrond vun hirer kierperlecher oder mentaler Behënnerung den ëffentlechen Transport nët kennen huelen. Déi spezifesch Besoine vun de Beneficiaire variéiere staark. Ee gudde Véierel vun de Beneficiaire (27%) sinn op ee Rollstull ugewisen.

Ugepasst un déi spezifesch Besoine vun der Persoun ginn et verschidde Modeller vu Rollstill. Aktuell notzen 1861 Beneficiairen e manuelle Rollstull, 378 en normalen elektresche Rollstull a 75 méi schwéier elektresch Rollstill ("chaise roulante lourde"). Ënnerschiddlech Modeller vu Rollstull stellen ënnerschiddlech Ufuerderungen un d'Gefier, wat se transportéiere soll. Geet fir déi manner schwéier Rollstill eng Ramp duer, esou ass fir déi schwéier Modeller eng Ausstattung mat enger Hebebühn, respektiv engem Lift, noutwenneg. Dobäi kommen déi ënnerschiddlech Sécherungssystemer, fir déi verschidde Modeller vu Rollstill am Gefier fir den Trajet ze fixéieren.

Dee Moment, wou de Beneficiaire seng Reservatioun fir den Adapto mécht, ass duerch säin ausgefëllten Adapto-Formular bekannt, ob dës Persoun ee Rollstull benotzt, a wa jo, wéi ee Modell. En Fonctioun dovu wielt de System dat passend Gefier aus, dat fir den entspriechende Rollstull equipéiert ass. Aktuell sinn insgesamt 998 Minibusser fir den Adapto am Asaz. Dovu sinn der 616 déi mindestens ee Rollstull transportéiere kënnen, wouvun 130 déi sougenannten "chaise roulante lourde" transportéiere kënnen.

2023 huet den Adapto insgesamt 173.436 Faarte geleescht, dovun 58.397, wou e Beneficiaire mat engem Rollstull gereest ass. Incident'en déi wéinst engem falsche Gefier ragemellt gi, sinn haaptsächlech op feelend Donnéeën am System zeréck ze féieren oder op d'Donnéeë vun de Gefierer am System déi net méi aktuell sinn. Oft ass et esou, datt Beneficiairen am Laf vun de Joren e Rollstull bäikréien an dës Informatioun net direkt un de Service weiderginn. Sou kann et da virkommen datt een net adaptéiert Gefier de Beneficiaire siche kënnt. Ausserdeem kann et och duerch divers Grënn wéi zum Beispill e Gefier en Panne oder e mënschleche Feeler beim Planning, kuerzfristeg zu Ännerunge vun de Gefier kommen déi eventuell net genau adaptéiert sinn op dem Beneficiaire seng Besoinen. All Incident gëtt vum zoustännege Service bei der ATP genau analyséiert, an de Suivi gëtt gemaach fir datt den Incident sech net widderhëllt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

D'Zil vum Adapto ass a bleift, dass jiddwer Beneficiaire, dee säin Trajet rechtzäiteg bucht, dësen Trajet och wéi gewënscht ka maachen. Dofir ass et awer net zwéngend néideg, 100 % vun den Adapto-Minibusse mat Lifter oder Hebebühnen fir dee schwéierste Modell vu Rollstull ze equipéieren, an dëst ass an den aktuelle Kontrakter mat de Prestatairen och net virgesinn. Allerdéngs gëtt d'Zuel vun de Minibussen, déi fir den Transport vun deene verschiddene Modeller vu Rollstill equipéiert sinn, der Demande stänneg ugepasst.

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes